N° 7328
Entrée le 06.12.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 06.12.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/12/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.

D'ofgeännert Gesetz vum 26te Mäerz 1992 gesäit vir, dass Persounen a verschiddene Gesondheetsberuffer fir d'éischt mussen eng *Autorisation d'exercer* ufroen, ier si hir Aarbecht hei am Land kënnen ophuelen. Dëst gëllt, ënnert anerem, fir Aide-soignanten, Infirmieren/ièren an Hiewanen. Ween ouni esou eng Autorisatioun schafft, kann zu Prisongsstrofe verurteelt ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi laang huet et an der Moyenne an deene leschte 5 Joer beim Santésministère gedauert, fir eng *Demande d'autorisation d'exercer* ze traitéieren?
   - Wat war d'Moyenne fir Persoune mat Diplom aus Lëtzebuerg?
   - Wat d'Moyenne fir Persoune mat Diplom aus dem Ausland?

2. Op déi leschte 5 Jore gekuckt, wéi laang hunn d'Persounen am éischten an am leschte Quintil misste waarden, bis hir *Demande d'autorisation d'exercer* vum Santésministère traitéiert gouf?

3. Wat war an deene vergaangene 5 Joren déi längste Waardezäit, fir eng *Demande d'autorisation d'exercer* ze traitéieren?
   Wat war an deene vergaangene 5 Joren déi kierzte Waardezäit, fir eng *Demande d'autorisation d'exercer* ze traitéieren?

4. Wéi vill Prozent vun den Demandë ginn ofgeleent? Wat ass heifir den heefegste Grond?

5. Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, dass d'Delais de Traitement sollte verkierzt ginn?
   Wa jo, wéi eng Méiglechkeete gëtt et, fir dëst z'erreechen?
   Wann nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten